Lëtzebuerg, den 10. Sept 1978

Léw Elteren
Dir Dammen an dir Hären,
Komerodinnen a Freun!

Nés ass e Joer eriwer gangen an déer elo scho langer Ketten vun ousen 18 alljährlechen rendez-vous'en, bei déné mir ousen ongléchlechen Kanner, Männer, Pappen, Komerodinnen a Komerode gedénken. Eng schén Traditi'on ass ~~ud~~ d'Journée Commémorative Nationale vun den enrôlés de force ginn! An ech mengen net wéneg sinn dé, dé haut hei stinn a mat berechtegtem Stolz kenne soen, dass sie nach all Joer dobei waren. Muncheréen war och fleiß gezwongen dat ént oder anert Joer auszesfänen. Muncheréen wor och nach d'leschtt Joer dorbei a föllt haut d'Reien vun dénen dé ous vill ze fré' hu misse verlossen. ~~An~~ Eso gélt et och an dénen nächste Jo'ere weidder. An ech soen gleich dorbei: eso muss et och an der Zo'kouft weidder goen! Dé Iwerliewend dierfen dé net ze vergiessen dé net mé bei hinne sinn a mussen dest och an aller Oeffentlechkeét beweisen. Net Feighét oder Bequemlechkét dierfen d'Familli'en an d'Freun vun enrôlé de force, dovun ofhalen sech senger mat Léwt a Respekt ze erönneren an der Allgemeinhét beweisen dass fir sie d'Solidaritét, entstänen a batterer Zeit, kén eidelt Wu'ert ass, mä eng wichteg a réell Tatsäch.

~~[illegible]~~ Iech all dé hei trei zur Sach versammelt sid, soen ech dofir e wärmste Merci. E Merci am Num vun dénen bal 5000 gudd Letzeburger dé mir haut éeren. Awer och e Merci vun äre Komeroden aus dem Zentralkomitéen. Durch är Präsenz hei, beweis dir hinnen, dass dir zu hinne stitt a sie eso usporut am Streit em ous gerecht Säch net no ze lossen.

Merci am Num vun den Elteren, ~~de~~ Kranken an de Mutilléerten dé haut net kennen hei sinn. Ech well awer virun allem net verfélen hei den Dank vun den enrôlés de force all hire Freun a Bekannten auszespriechen dé sech hei afond hun fir hinnen hir Sympathien ze beweisen. E merci ouser Press, Radio an Television, wé och allen Instanzen dé ous hölleſen des Feier schén a wierdeg ze organiséeren. Och e speziellen Merci der Musek dé ous op de Kanonenhiwel begléét, wé och der Polizei fir hir Bemé'ungen ouse Cortège durch de Verkéer ze brengen.

Merci all déne Komerodinnen a Komeroden aus de Sektiounskomitéen dé an hiren Ortschaften joeraus, joeran fir d'Cause vun den enrôlés de force antrieden a munnech Stonn an Dag dofir afferen. Fir d'Verdingschter vun dese Ferventen émol öffentlech ervir ze streichen hun ons verschidden fédéréiert Organisatio'nen Diplomer a Verdingschtofzéchen geschafen. Des ginn gewéinlech bei de Generalversammlongen a Congresser iwerréicht. Well et nun awer fir komme kann dass eso e verdingschtvolle Member absolut dén Dag net présent ka sinn profitéiert ons Associatio'n des enrôlés de force, vun deser Gelegenhét fir hei e Member mam
ruban en argent
auszezéchnen. D'Verdingschter vun desem enrôlé de force, dé besonnesch a sénger Funktio'n ni gezéckt huet an och net zéckt sech öffentlech zu der Cause vun den Zwangsrekrutéierten ze bekennen, konnte mir all bei ville Gelegenhéten erliewen. Et ass mir dofir eng besonnesch Fréd op Propositioun vun der section Lëtzebuerg onsem Komerod dem Paschtoér Henri Treff hei de ruban en argent unzespengelen.

Léiw Elteren,
Dir Dammen an dir Hären
Komerodinnen a Frenn,

Mir hun ons hei op enger historescher Plätz afond. Eng Plätz wo de Calvaire fir vill Zwangsrekrutéiert ugangen ass, wé och fir vill Déportéiert an Umgesiedelt. Fir 3000 war et den Ufank vun hun a sie hun hier Heémecht net mé erem gesinn. Aner ko'men mutiléiert a krank zeréck a fir dé Méscht gow hei d'Verkierzong vun hierem Liewen besiegelt. Schold un deser traureger Opzielong war an ass Deitschland. Deitschland dat onst fréit Land 1940 iwerfall huet an durch d'Zwangsrekrutéirong vu sénger demoleger Jugend, wé och durch d'Verschléfong an KZ ter, Prisongen an an Déportatio'n vu gudde Lëtzebuerger ons Hemecht nazifizéiere wollt. E schrécklecht Verbriechen wat nie mé gudd ze machen ass, mä wat doeriwer eraus d'Nofolger vum Nazideitschland, haut als Partner mat Lëtzebuerg an engem sogenannten veréinten Europa, sech weigeren als Kriegsverbriechen unzeerkennen

an dé entspriechend Konzéquenzen ze zéen.

Mä net genuch mat desem Verbriechen vum Hoper un der démoleger Jugend, mä dé selwecht Joergäng göwen och nach dow vun hierer égener Hémecht diskriminé'ert. Sie gowen op d'Seit gedréckt wé' nom Krich de grosse Kuch verdé'lt gow. Fir dass aner kounten 2x an d'Tesch stéchen, sinn d'Zweivell un der Haltoung vun den enrôlés de force avancé'ert ginn. "Ons Jongen" aus dem Krich fir dé eso muncher Letzeburger an den Dod gangen ass, waren op émol net mé esovill wert. Ons dé'moleg Majoritéts Politiker hun en Dommage de Guerre's Gesetz gestömmt dat e Schlag an d'Gesicht vun den Zwangsrekrutéierte war an ass. E Schlag dé' mir nie kounten hinhuelen an och nie kennen accepté'eren. Ons Organisatio'nen hun dofir géngt desh Gesetz protesté'ert an Änneroungen verlangt. Satisfactio'nen an délweis Gerechtoung krute mir no villem Streiden an Asatz. Awer leider bleiwt eng wé'sentlech Diskriminatioun nach emmer bestoen.

Et ass dé aner moralesch a materiell Behandlung vun den Zwangsrekruté'erten wé dé vun den victimes patriotiques. Desh ass net nemmen eng Erniedregoung vun onse Joergäng mä et ass e sé'er schlecht Zegness wat de Gesetzgeber der Hemecht Letzeburg ausgestalt huet. Et ass also eng Fro dé onst ganz Land ugé'ht an dé dofir ons Chamber och als e problème national duerstellt.

Fir wat ass dann nun dese problem national nach emmer net gelé'st? Sinn et finanziell Schwieregkéten? Et gett Leit dé ons schlecht wellen dé dat behapten a bewosst falsch an ze héch Chifferen avancé'eren. No de Berechnoungen dé d'Regierong op Drängen vum Staatsrot opstelle gelos huet an dé elo eso lues a lues an d'Öffentlechkét drengen, erklären kompetent Politiker dass et absolut kéng Fro vu Geld mé ass. — Dono musse mir ons da fro'en, wat ass et dann?? Ass den Afloss vun verschiddene Leit dé den enrôlés de force des Satisfaction net kenne gönnen eso gross, dass de Streit an d'Ringen em des Gerechtegkét weider goe muss! Oder muss um Bockel vun den Zwangsrekruté'erten fir nach weider Perso'nen persé'nlech Avantagen erausgeschloe ginn? Ech enerstreichen hei mat Nodrock dass durch d'Erfellung vun onser Fuerderoung, konkretisé'ert am projet Grandgeneh dé beim Staatsrot leit,

absolut kéngem ânere Letzeburger irgend en Ho'er gekrönnt gett. We'der ginn d'Verdingsehter vu Resistenzler oder Patrioten irgend we' geschmälert, nach verlange mir ~~...~~ effes me', we' dat wat beste'h. Also absolut keng nei Fuerderong, mä einfach Gleichstellong a Gerechtegkét. A fir des Gerechtegkét ze kréen si mir beréd alles ze wöen an alles drun ze setzen bis mir sie erréécht hun. An der Vergangenhét hun ous Organisatio'nen bewiesen, dass sie zu munechem Kapabel sinn. Ech erönneren nemmen nieweböi un ous Petition mat 40 393 Enneschröffen. An ech sinn am Vertrauen op iech all beréd jiddereengem ze versécheren, dass mir nach weit dovun ~~ewg~~ sinn d'Kneppelen bei Tromm ze werfen. Mir si beréét et ze beweisen wa mir eraus gefuerdert ginn. Mir mussen ous awer och zu déne bekennen de beweisen, dass sie sech fir dé gerecht Cause vun den enrôlés de force äsetzen. Gottseidank sti mir net alleng do an ech si fro' kennen ze behapten dass de Kré's vu ouse Frenn a Sympathisanten stänneg zohe'lt. Net nemmen dass haut ous Generation sech mat desem Problem sech quäle muss, néen och der jengerer Generation leit en um Mö. Eso haten ous Vertrieder am vergaangenem Joer Gelegenheten sech mat verschiedenen Jugendorganisatio'nen iwert ~~alle~~ dese Froekomplex ze ennerhälen. Dass des Jugendlech net begéschtert waren eso en därege Knuet vun hiere Pappen geierwt ze hun kann é sech muchl firstellen. Mä erfréilech war et fir ous trotzdem, dass der jonk Politiker de feste Wöllen hun, é fir allemol dozo beizedroen fir zu enger Lésong ze kommen: an zwar net zu déer berüchtegter Lésong vun ouse Gegner, dass mam Do'd vum leschten enrôlé de force de Problem gelé'st wär; néen eng Lésong op allem schnell meiglechstem We'. Eso konnte mir elo an enger kirzlecher Entrevue mat der Chrestlech Sozialer Jugend feststellen, dass hir Opfässong sech mat déier vun den enrôlés de force déckt. Loste mir hoffen dass och nach aner politesch Jugendorganisationen zu desen Erkenntnesse komme kennen.

Awer, le'w Komeradinnen a Komeraden, och mir alleguer, ohni Ausnahm mussen ouse feste Welle zu enger Lésong ze kommen, no bausen emmer erem weisen, an zwar ganz besonnesch an déne kommende Ménit. Ouse Fédératio'nskomite huet eng Rei vun Aktio'nen geplangt an dé nemmen zum Erfolleg féiren wa jidderén mat mécht. Eso ass ous Plakataktio'n mat engem ieschte Plakat virun de Vakanzen

gestart. Elo kent oust zwéi Plakat eraus a gleich drop dat Brett.
D'Aktiön vun den Autocollan'en "Justice aux enrôlés de force" war fleih net direkt eso spekhakulär wé mir ous dat erwärt haten, mä no an no geseit en emmer mé Auto'en mat desem Zéchen. Ous Féderatiön huet eso guer misseu eng zwéi Oplo'drécke lossen, an all dé, dé nach deser Autocollan'e brauchen kenne se hei beim . . . . . . . . . . . . eneck hueleu. Net nemmen an ousen Auto'en muss dese Rappel u Gerechtegkéit sinn, néu an allen Autoen vun ouse Freun, Bekannten, Kanner a Familjen. Ous Plakaten mussen op allen Ecken vum Land ze gesinn sinn. Emmer an emmer erem! eso dass endlech eng gross Majorität zum Entschluss komme muss, dass ~~endlech~~ entgültleg Schluss gemat muss ginn mat desem onglécklechem Streich an dass erem Fridden an d'Land kann zéen. – ~~Ouer~~ Ouse Federatiönskomité dierf sech och kéng Gelegenhéit lauschtt Gues goe lossen fir an aller Öffentlechkéit eso wuel hei am Land wé am Ausland emmer erem un ouse Problem ze erönneren. Och wann dest net emmer ganz katolesch ass oder munch engem fatzech op d'Schlappe gétt. An eso biddt sech haut den Owend eng Gelegenhét fir zu Ausemburg, mé genau gesot beim Schlass zu Ausemburg, ~~dé~~ iwert dé do uwiesenden nationaler an internationaler Press, Radio an Television ous Fuerderongen ze rappeléeren. Ech invitéeren iech all, dé dé Gelegenhéit hun, no der Mass an der Garer Kirch um 5 Auer e kléngen Ofstiecher op Ausemburg ze machen an do hannert ousen Transparenter sowuel den Letzebuerger wé och den nopesch Politiker un de Problem vun den enrôlés de force ze erönneren. Domadde gi mir ousem Regierongspresident an Aussenminister Gelegenhéit séngem grosse Freund, dem Här Genscher, Aussenminister vun der Bundesrepublik Deitschland, den do uwiesend ass, drun ze erönneren, dass hien nach hei zu Letzebuerg eng déck Schold ze begleichen huet. Eng Schold vu weih iwerh 11 Milliarden dé hien vu senge Virgänger geierwt huet, dé 1940 hei an d'Land era gefall sinn an dé gräslechst Verbriechen ugericht hun. A mir enerstötzen mat deser Aktiön och ous franzesch Collégen aus dem Elsass a Lothrengen an hiere Bemé'ongen an Drängen vun Bonn Satisfactiön ze kréen. Also géngt 1/2 7 rendez-vous zu Ausemburg; an no enger halwer Stonn schlésse mir do a Ro an Disciplin des Aktiön of. ~~Géngt~~ 1/2 8 kann dann erem jiddereen dohem sinn.

Léw Elteren,
Dir Dammen an dir Hären,
Komeradinnen a Frenn !

De Problem entstänen durch d'Zwangsanzé'ong ass haut net nemmen eng Ugelegenhet vun den enrôlés de force. Et ass e Problem ginn mat dém ons Jugend befasst ass, well hir Papen en an 28 Joer net gelést hun. E gelt all letzeburger Steierzuehler un well sie fir effes bezuele mussen wat sie net ~~verbraat~~ verschöllt hun. Bleche mussen well dem Nofolger vun Nazideitschland vu verschidde letzeburger Politiker net mat dém nédegen Noodrock d'Bezuelen vu senger Schold verlangt gett. Kurz, all Letzeburger ass domadde betraff wa seng Jongen a Medercher aus dem leschte Krich mat enger grosser Ongerechtegkét behafft bleiwen a sie net als gudd Patrioten unerkannt ginn dé mat dausende vun Rot-Weis-Bloe Bändchen a mat "vive ons Grand'Duchesse" an den Dòd gange sinn. Et ass e Problem dén an d'Politik eragreift an dén d'politescht Bild an dé Deiteg Gestion vun onsem Land on-nötz belascht. Et gett eso-guer en europäescht Problem. Mir a mat ons, ons elsässesch a lothrengesch Komeroden, wieren ons dergengt dass fransesch a letzeburger Landesvertrieder an engem europäesche Parlement zesummen mat BRD Vertrieder un engem Dösch setzen eso lang Deitschland d'Zwangsanzé'ong net als e Kriegsverbriechen unerkannt huet. Mir ruffen zum Boikott vun den europäesche Wahlen op a saboteiren all Kandidatur, wann net virdrun de Problem erfirgeruff durch d'Zwangsrekrutéierong gelést ass.

Et kent also nach vill Arbecht an dénen nächste Mént op ons zo'. Awer den Zentralkomité zielt op iech all a mat veréenten Asätz vun iech ~~all~~ all zesummen mat onse Frenn musse mir et ferdeg brengen dass bei der Journée 1979 ké Präsident mé des Fuerderong muss stellen. Mir mussen ~~kennen~~ ons nächst Journée a Ro' an an Zefriddenhét ouni dé erniedregend Diskriminirong vun den enrôlés de force, feiere kennen. Desen Dag muss ausschliesslech dem Liewen Souvenir un all dé gudd Letzeburger dé a schwérer Zeit hirt Liewen fir d'Hémecht ginn hun oder un de Folgen vun desem Calvaire gestuerwe sinn, gelle kennen. D'Letzeburger Land muss sei Fridden a seng Solidaritét nés zeréck fannen. Dat ass

d'Verpflichtung dé mir all dénen agange sinn, dé mir haut hei éeren. VII
Et dierf net emsoss gewiescht sinn dass dé vill "Morts pour la Patrie"
dat Hëchst wat sie haten geafffert hun. An dem Senn solle mir
ons alljährlech treffen an ons Journée feieren. Dat ass haut
eis Verspriechen an dofir

Vive d' Journée vun den enrôlés de force!